RTL carte blanche économique du 17.11.2010

(ACA)

Protektioun vun privaten Donnéen

Usô: d'carte blanche économique ass haut der Association des Compagnies d'Assurances réservéiert.

De Paul Hammelmann beschäftegt sech hei mat der Protectioun vun den Données an der abusiver Haltung vun verschiddenen Administratiounen déi et onméiglech mecht d'Affer vun Verkéiersakzidenter an engem raisonnablen Délai ze entschiedegen.

Duerch den techneschen Fortschrëtt bedéngt gëtt et ëmmer méi einfach fir eng Mass vun privaten a manner privaten Donnéen vun de Leit ze speicheren an fir kommerziell oder âner nach méi sensibel Zwecker ze gebrauchen an ze mëssbrauchen.

Dofir hun déi méschten wéinstens emol europäesch Länner, Instanzen geschâf déi d'Kollekt vun esou Donnéen autoriséieren mussen an hire Gebrauch iwerwachen.

Esou huet och Lëtzebuerg eng onofhängeg Commission geschâf d'"Commission nationale pour la protection des données", déi mat vill Sachverstand d'Sammelen von Daten, sief et informatesch, sief et mat Caméras, iwerwacht an autoriséiert.

En rezent Beispill ass hei, mir hun et alleguer matkritt den provisoreschen, denken ech, Verbuet vun de Google Cameraen.

Esou sin ech och der Meenung am Kontext vun der Verkéierssecherheet an am Dossier vun de Cameraen op der Strooss déi jo annoncéiert sin fir d'Vitesse an de Grëff ze kréien, dat hei nemmen mat aller Virsiicht Dossieren därfen gebraucht gin, dat eng Foto, en Instantané därf gemach gin, nach nëmmen vun engem Stéck Blech, dem Nummereschëld, net vum Auto an virun allem net vun den Insassen.

Doriwer eraus kann én awer och alles iwerdreiwen:

- Während et bis elo Usus war datt den sougenannten „état civil" de jo bei de Gemengen fonctionnéiert an wou een, wann én plënnert, sech muss ofmellen, respektiv op der neier Wunngemeng umellen, engem anstandslos déi nei Residenz vun enger Persoun matgedeelt huet, ass et elo emmer méi heefeg eng Äntwert ze héieren déi seet: mir därfen esou Donnéen net méi weidergin wéinst der „protection des données". Dat ass a mengen Aen eng falsch Interpretatioun vum Gesetz, och wann se verschidde Gemengebeamten arrangéiert; besonnesch krass ass et wann et bei de verschiddene Gemengen verschidde Praktike gett!

- Kommunikatioun vun de „procès-verbaux de police": och hei gëtt sech emmer méi oft hannert der Gesetzgebung iwert „protection des données" verstoppt fir den Assureur e Abléck an de „procès-verbal" ze refuséieren.

Den Assureur kann awer nemmen déi néideg Schrëtt ënnerhuelen wann en wéinstens d'Identitéit vun der Géigepartei kennt an den Assureur vun dém sengem Auto!

E kann och nëmmen indemniséieren wann d'Scholdfrô geklärt ass.

Mat dëser neier Geheimnistuerei ass esou eng Praxis awer onméiglech an beim Client kënnt dann séier d'Meenung op d'Versëcherungsgesellschaft giff d'Entschiedegung wëllen an d'Längt zéien.

Als Beweis dat dât net wouer ass kann en rouheg d'Jurisprudenz ufeieren déi seet datt den Assureur vum Schëllegen – an hei ass Lëtzebuerg dat favorabelst Land weltweit – de gesetzlechen Zenssatz op der Entschiedegungssomme muss bezuehlen an zwar vum Dag vum Accident un!

Wann én wees, datt dësen Zënssatz am Joer 2010 3,5% an 2009, 4,25% bedréit, während d'Banken wann sie et ganz gudd mat engem mengen, tout juste 1% offréieren, gleewt der mer bestëmmt datt den Assureur d'Indemnisatioun net bewosst an d'Längt zidd!